

Lëtzebuerg, de 26 Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister an un d'Madamm Inneministesesch, weiderzeleeden:

« Mam Summer a mat der grousser Vakanz kënnst och d'Saison vun den Ausflich un d'Mier oder bei d'Séien ëmmer méi no. De Weekend vum 18ten a 19ten Juni war den Undrang an de Lëtzebuenger Piscinnen a bei de Séien därmissen grouss, datt d'Problematiken ronderëm d'Sécherheet vum Schwëmmer an de Manktem un Infrastrukturen zeréck an de Fokus geréckelt sinn.

Wat d'Infrastrukturen ugeet, hat d'FLNS - d'Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage schonn d'lescht Joer op e grousser Manktem vu Piscinnen zu Lëtzebuerg opmierksam gemaach. Dëst wier ze bedauern, apaart well all Joer an Europa eng 27.000 Mënsche géifen erdrénken.

Weiderhin ass an der Press och schonn ëfters op de Manktem vu Schwammmeeschter an de néidegen Infrastrukturen an de Gemengen opmierksam gemaach ginn.

An deem Kader wollt mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, dem Här Sportminister an der Madamm Inneministesesch folgend Froe stellen:


- Wéi vill Accidenter gouf et an de leschte 5 Joer bannent a ronderëm designéiert Schwammgewässer uechtert d'Land?*
- Wéi vill brevetéiert Schwammmeeschter ginn et aktuell zu Lëtzebuerg?*
- Sinn och Schwammmeeschter ronderëm d'Séien zu Lëtzebuerg aktiv?*
- Wéi vill Mënschen hunn zu Lëtzebuerg de Brevet vum Rettungsschwëmmer? »*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten